adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

Am vergaangene Joer war ze beobachten, datt um Autosmarché souwuel d'Präisser vun den neie Gefierer, wéi och den Occasioune staark an d'Luucht gaange sinn, ënner anerem well et un Chippe feelt. Am Mee 2020 gouf an der Chamber den Handelsaccord CETA mat Kanada gestëmmt, deen déi direkt Ofschafung vun enger Rei Zolltariffer virgesäit, mee beim Import vun Autoen (an d'EU/op Lëtzebuerg) gëllen Iwwergangsbestëmmunge vun dräi, fënnef a siwe Joer.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng Zollbestëmmunge gëllen aktuell fir den Import vun Autoen aus Kanada op Lëtzebuerg?
2) Gesäit d'Regierung vir, fir méiglech Spillraim bei den Iwwergangsbestëmmungen ze notzen fir déi entspriechend Zolltariffer méiglechst séier ganz ofzeschafen a sou där ugespaanter Situatioun um Autosmarché duerch zousätzlech Importméiglechkeeten entgéint ze wierken?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten